N°8324
Entrée le 18.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.09.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

Am Gesetz vum 1ten August 1972 an den dozou gehéierende Reglementer ass festgehalen, dass d'Äsche vu Verstuewenen nëmmen dierfen op ausgewisene Plazen opgehuewe ginn. De Gemengerot ka mam Averständnis vum Inneministère Plazen dofir op engem Gemengekierfecht designéieren. De Buergermeeschter/-esch huet d'Recht, fir d'Verstreeë vun den Äschen och op privaten Terrain z'erlaben. Et ass awer net erlaabt oder op mannst net gängeg, fir d'Äsche vun enger verstuerwener Persoun doheem an enger Urn ze halen, sou wéi dat a verschiddenen anere Länner de Fall ass. Fir vill Matmënschen, déi ee geléifte Mënsch verluer hunn, wier et wichteg, wa si de Choix géife kréien, fir d'Äsche vun hiere geléifte Matmënschen bei sech doheem dierfen halen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Am Artikel 3 vum vum Reglement vum 21te Juni 1978 (relatif à la dispersion des cendres) steet Folgendes dran:

   > "Nonobstant les dispositions de l'article 2, alinéa 1, le bourgmestre peut autoriser selon le voeu du défunt la dispersion des cendres sur une parcelle de terrain située dans la propriété d'un particulier **ou à tout autre endroit."**

   Wéi sinn d'Termen "dispersion" & "tout autre endroit" vum Artikel 3 vum Reglement vun 1978 ze verstoen? Kann een dës Termen esou interpretéieren, dass et méiglech wier, fir d'Äschen an enger Urn op engem Privatterrain ze halen?
   Kann ee mam aktuellen Text d'Äschen vun enger verstuerwener Persoun an enger Urn behalen, falls ee Buergermeeschter/-esch d'Autorisatioun dofir gëtt?

2. An enger Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3609 vun 2018 hunn déi deemoleg Ministeren Dan Kersch an Lydia Mutsch geschriwwen, dass d'Gesetzgebung geschwënn misst un d'Entwécklung vun der Gesellschaft ugepasst ginn. Et ass awer bis haut nach net zu enger Ännerung vun de Reegele komm.

   Ginn et scho konkret Aarbechten bannent de Ministèren, fir d'Gesetz vun 1972 respektiv d'Reglementer vun 1972 an 1978 ze änneren?

- Wa jo, wéi eng Ännerungen si virgesinn, wéini goufe schonn Aarbechten dozou ofgehalen, wat sinn d'Fortschrëtter a wéi eng Zäitschinn hunn d'Ministeren ginn?
- Wann nee, sinn d'Ministeren net méi der Meenung, dass d'Gesetz misst moderniséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°8324
Entrée le 09.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, an der Madamm Gesondheetsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro n° 8324 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Réglementation au sujet de la conservation des cendres d'un défunt"**

D'Begruewe vun den Äschen um Kierfecht, grad wéi den Dépôt an engem Kolumbarium an d'Verstreeën op enger Parzell um Kierfecht, sinn duerch d'Gesetz vum 1. August 1972 *portant réglementation de l'inhumation et de l'incinération des dépouilles mortelles* gereegelt. D'Verstreeë vun den Äschen op enger Parzell, déi speziell dofir virgesinn ass, ass per Règlement grand-ducal gereegelt ginn. Laut dem Règlement grand-ducal vum 21. Juni 1978 iwwert d'Verstreeë vun den Äschen ass déi Parzell am Prinzip um Kierfecht, mä de Buergermeeschter kann d'Verstreeë vun den Äschen och op enger privater Propriétéit oder op all anerer Plaz autoriséieren.

Déi aktuell Legislatioun erlaabt et net, fir eng Urn op engem Privatterrain ze halen.

Lëtzebuerg, den 9.11.2023

D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding